63EME CHAMPIONNAT DU MONDE DE PECHE POUR NATIONS
2016 BULGARIE, PLOVDIV,
12-19 September 2016



Tägliche News von Viviane Schmitt - 6. Bericht vum 16.09.2016

Viviane Schmitt

Léif Fëscherkollegen


Den Fern an Aktioun

Haut war den offiziellen Training an Bulgarien an mir souzen an der Box 30, dat muer den E-Secteur wäert sinn. Déi meeschten Fësch sinn hei mat der Match Staang gefaangen ginn an wat haut och erëm nei war, ass dass vill Natiounen 10-15m méi weit, dat heescht 40-45m geféscht hunn. Déi richteg deck Gewiichter sinn gemaach ginn mat 4-5 Fësch, decken Karpen vun 1,5 bis 2 kg d' Stéck. Den Duerchschnëtt leit bei 4-5 kg pro Fëscher, dat sinn 6 bis 8 Karauschen an 1-2 Karpen.

Ech giff iech jo gären elo ob dëser Platz soen wéi eisen Schlachtplang fir muer ausgesäit, awer dat ass relativ schwiereg. D' Fëscherei ännert oft an et ass och eng Gefill's Saach wéini een sech entscheet ob 13 m ze goen oder ob der Match Staang bleift. Och d' Sonnepijen ob der Bordure sinn net ze vergiessen. Dir gesitt dann sinn mer schonn bei 3 verschidden Fëscherei. Et muss um Match och 2x déboitéiert ginn. Souwuel beim Fëschen wéi och beim Fidderen mat der Coupelle. Och dorun muss een sech gewinnen. Ech hoffen dass ons ganz Équipe muer deen richtegen Feeling huet.


An mat sengem Fang

Am A-Secteur sëtzt muer den Alain, am B-Secteur den Fränck, am C-Secteur den Bill, am D-Secteur den Jérôme an am wahrscheinlech komplizéierten Secteur E den Fern. Ech giff ons all wënschen dass ech iech muer en passabelt Zwëschen Resultat kann presentéieren an wënschen der ganzer Équipë dass hier Aarbecht belount gëtt.



*Den Alain geheit sech an d'Geschirr..*



*An et huet sech gelount*



*Den Pit beim Drillen*



*Dee schéinen Karp huet missen obgin*



*Och den Jérôme mat engem Karp*




*Sou mecht et Spass :))*



*Freckt geschafft !! Nuecht :))*